ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

QP N°2064

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Abrëll 2020

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Duerch de Krisenzoustand ginn de Schoulbetrib an den Unterrecht staark beanträchtegt. Aktuell heescht et, datt den Unterrecht viraussiichtlech emol nach bis de 25. Mee (Grondschoul) doheem stattfanne wäert. Fir d'negativ Konsequenze vun den Ëmstänn op d'Bildung vum Schüler ze reduzéieren, gëtt versicht, déi entstanen Defiziter mat Nohëllef opzeschaffen, dëst z.B. iwwert Online-Nohëllef. Wann d'Schoulen dann nees opginn, sollen an der Grondschoul Studenten, déi op der Uni Lëtzebuerg an der Ausbildung zum Enseignant sinn, Appui-Stonne ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Här Educatiounsminister gär folgend Froe stellen:

1. Huet den Här Educatiounsminister keng Bedenken dobäi, wann den Appui duerch Unistudente geleescht gëtt, déi bekanntlech – a wéi den Här Minister dat ëffentlech scho mol bestätegt huet – eventuell selwer sproochlech a mathematesch Defiziter hunn? Wéi gëtt séchergestallt, datt déi Studenten, déi sollen Nohëllef ginn, och déi néideg Viraussetzungen dofir matbréngen?
2. Zënter Jore gi brevetéiert Enseignantë rekrutéiert, fir op aneren, detachéierten oder spezialiséierte Posten ze schaffen ewéi z.B. als I-EBS (Instituteurs spécialisés dans l'encadrement et la prise en charge des élèves à besoins spécifiques), bei der Organisatioun vum PDS (plan de développement scolaire), asw.
   - Wier et eventuell méiglech, esou Leit fir Appui-Stonnen ze engagéieren? Wann nee, firwat net?

- Kann den Här Minister soen, wéi vill brevetéiert Enseignantë mëttlerweil op detachéierte Poste schaffen?
- Wéi vill därer Poste ginn et am Ganze bzw. wat fir Poste sinn dat?
- Sollten déi Leit op deene Posten a Krisenzäiten net fir aner, eventuell méi prioritär, Aufgaben agesat ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2064 vum honorabelen Här Deputéierte Fernand Kartheiser**

**Ad 1)**

D'Studenten aus de Semesteren 3 – 8 vum Studiegang "Bachelor professionnel en Sciences de l'Éducation" oder aus engem equivalenten auslännesche Studiengang kënnen aktuell schonn, laut dem Artikel 3 vum Gesetzestext *Règlement grand-ducal modifié du 28 mai 2009 fixant les conditions et modalités pour l'obtention de l'attestation habilitant à faire des remplacements dans l'enseignement fondamental*, no enger kuerzer administrativer Prozedur an ouni d'Realisatioun vun engem Stage eng Attestatioun ausgestallt kréien, déi et hinnen erméiglecht, an de Cyclen 1 – 4 vun der lëtzebuergescher ëffentlecher Grondschoul Remplacementer ze assuréieren. Eng Partie Studente profitéiere scho säit Jore vun dëser Reegelung, fir ab dem drëtte Semester vun hirem Studium punktuell Enseignanten, déi krankheetsbedéngt ausfalen, ze ersetzen. Ech profitéieren op dëser Plaz, fir dëse Studente Merci ze soe fir hiren Engagement an hir wäertvoll Aarbecht an eise Grondschoulen, duerch déi si net nëmmen d'Equippe verstäerken, mä och nach wichteg Praxiserfarung sammelen, déi hinne spéider, wann se sech als brevetéiert Enseignanten an den Déngscht vun de Kanner stellen, sécher zegutt kënnt.

D'Studente sollen als Ënnerstëtzung an de Grondschoulen agesat ginn an d'Direktioune wäerten zesumme mat de pedagogeschen Equippen dës Interventioune plangen an ëmsetzen. An der Reegel soll de Student ënnert der Uleedung vum Enseignant ee Grupp en charge huelen. Bei Bedarf kann de Student deemno zu jidder Zäit Récksprooch mam Titulaire de classe huelen, deen natierlech och an d'Preparatioun vun den Interventioune vun de Studenten agebonne ass. Ech sinn der Iwwerzeegung, dass dës Zesummenaarbecht fir all Bedeelegt eng reell Plus-value ass an dass se notamment mam geziiltenen Developpement vun de Schüler hire Kompetenzen dozou bäidréit, eventuell Schwächten opzefänken.

**Ad 2)**

Den "Instituteur spécialisé dans la scolarisation des élèves à besoins éducatifs particuliers ou spécifiques" ass eng lokal Ressource, déi nieft enge sëllechen anere Missiounen 23 Stonnen d'Woch an de Klassen intervenéiert, fir Schüler geziilt ze fërderen an hinnen esou d'Méiglechkeet ze ginn, dank der Ëmsetzung vun enger inklusiver Approche, an de Reegelklasse beschoult ze ginn. Dës Enseignantë sinn aktuell schonn eng wäertvoll Ënnerstëtzung fir d'Kanner an de Grondschoulen an et läit op der Hand, dass si zesumme mat de pedagogeschen Equippe fir d'Reprise vun de Coursen déi Mesurë wäerten definéieren an ëmsetzen, déi een optimalen Developpement vun de Kompetenze vun de Kanner ënnerstëtzen.

D'"Instituteurs spécialisés en développement scolaire" hëllefen aktuell scho beim "Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogique et technologiques" (SCRIPT) fir déi eenzel Membere vun der Schoulcommunautéit bei der Ëmsetzung vum Enseignement à distance ze ënnerstëtzen. Dee Moment, wou d'Schüler nees an d'Grondschoule ginn, wäerten si beim Encadrement vun dëse Schüler an de Schoulen een Übungsgrupp iwwerhuelen.

Beim dechargéierte brevetéierte Léierpersonal stellt sech d'Situatioun folgendermoossen duer:

| Code vun der Decharge* | Unzuel vun de Persounen | Unzuel vun de Stonnen |
|---|---|---|
| ALOGO | 6 | 113 |
| APOLS | 26 | 88,8 |
| CCOM | 14 | 268,4 |
| CISEC | 13 | 287,5 |
| COMED | 7 | 14 |
| COMMU | 18 | 263 |
| CULTUR | 29 | 84 |
| ESEB | 18 | 296 |
| FORMA | 23 | 91 |
| MINCU | 3 | 24 |
| MINED | 63 | 649,5 |
| SCRIP | 55 | 455,1 |
| UNILU | 5 | 80,5 |

*Déi genee Bedeitung vun den eenzelne Codë kann an der Annex vum " Règlement grand-ducal modifié du 23 mars 2009 fixant la tâche des instituteurs de l'enseignement fondamental" nogelies ginn.

Wann een d'Unzuel vun den Agente mat der Unzuel vun den accordéierte Stonne vergläicht, da fält op, dass ee groussen Deel vun den Agenten net vollzäit dechargéiert ass a soumat och nach weiderhin an der Grondschoul intervenéiert.

Des Weidere ginn eng Partie Dechargen ugefrot, fir dass um lokalen, regionalen an nationalen Niveau vun dësen Agenten zesummen mat de pedagogeschen Equippen d'Prise en charge vun de Kanner mat spezifesche Besoine kann organiséiert an ëmgesat ginn. Dank der gudder Zesummenaarbecht vun den eenzelnen Agente ka mëttels enger differencéierter Approche ee gëeegenten Encadrement fir dës Kanner ugebuede ginn. Wärend d'Agente mat enger Decharge "CISEC" an éischter Linn den administrative Volet vun der Organisatioun vun der Prise en charge vun de Kanner mat spezifesche Besoinen assuréieren, intervenéieren d'Agente mat enger Decharge "ALOGO", "CCOM" oder "ESEB" direkt beim Kand a se sinn deemno eng wäertvoll zousätzlech Ressource, déi zesumme mat den anere Membere vun der Schoulcommunautéit dofir suergen, dass all Kand sengem Rhythmus entspriechend geférdert gëtt.

Déi Agenten, déi vun enger Decharge "UNILU" profitéieren, wierke bei der Grondausbildunge vun den zoukënftegen Enseignantë mat, wärend déi mat enger Decharge "FORMA" an der Weiderbildungsoffer vun den Enseignanten am Globalen ewéi och an der spezifescher Formatiounsoffer fir d'Stagiairen intervenéieren. A béiden Domainer huet d'Formatiounsoffer fundamental missten iwwerduecht an den aktuelle Gegebenheeten ugepasst ginn. Et gouf vu sämtlechen involvéierten Agenten een enormen Effort gemaach, fir Alternativen zu der traditioneller Offer auszeschaffen an unzebidden. Esou gëtt séchergestallt, dass sech d'Enseignanten och an der aktueller Situatioun kënne weiderbilden a Rotschléi zu den Upassungsméiglechkeete vun hirem Enseignement an eenzelnen Domainer beim Formateur kënnen anhuelen.

De SCRIPT huet een enormen Dispositiv mobiliséiert, fir d'Kanner, d'Elteren an d'Léierpersonal bei der Ëmsetzung vum Enseignement à distance ze ënnerstëtzen. Dobäi goufen eng sëllechen Initiativen, wéi d'schoulesch a psychologesch Helpline an den Internetsite www.schouldoheem.lu zesumme mat anere Servicer an enger exemplarescher Zesummenaarbecht an d'Liewe geruff an och no der Reprise vun de Coursë wäerten d'Agente beim SCRIPT dës Offer weider ausbauen an den eenzelne Membere vun der Schoulcommunautéit berodend zur Säit stoen.

D'Aufgabeberäicher vun den Agente mat enger Decharge "MINED" oder "COMMU" si ganz ënnerschiddlech, mä meng Servicer an déi Institutiounen ewéi och d'Gemengeservicer, an déi dës Agenten detachéiert sinn, sinn ënnert den aktuellen Ëmstänn nach méi wéi soss op den Know-how vun dësen Agenten ugewisen, fir hir Missiounen am Déngscht vun de Kanner ze erfëllen.

D'Agente mat enger Decharge "COMED", "CULTUR" oder "MINCU" sinn am Duerchschnëtt 3.1 Leçonen an der Woch dechargéiert. Agenten, déi nëmmen eenzel Stonnen dechargéiert sinn, intervenéieren an der Reegel nieft hirer Decharge nach an de Grondschoulen a sollten si den Aufgaben, déi am Kader vun hirer Decharge virgesi sinn, net kënnen nogoen, da gëtt de Volume vun hirer Interventioun an de Schoulklassen entspriechend no uewen ugepasst.